# LES SACRIFIES

Bulletin officiel du Comité Directeur pour le Souvenir de l'Enrôlement Forcé




Foto: Vik Steichen

## Monument aux Morts zu Schëffleng

2 2014
Mee
55e année

**FEDEF** – ***Fédération des Enrôlés de Force, Victimes du Nazisme***

## Invitatioun a Programm vum

# 53. Nationalkongress vun den Zwangsrekrutéierten

## de 26. Abrëll 2014 zu Schëffleng an der Gemeng (Hotel de Ville)

### an der „Salle Grand-Duc Jean", Avenue de la Libération, Place de la Liberté/Fräiheetsplatz

***ënner dem Motto: CHANGE***

**Vun 14 Auer un an der Gemeng zu Schëffleng:**

- Enregistréierung vun den Delegéierten[1]
- Receptioun vun den Invitéen

**14 Auer 30**

- Zeremonie mat Nidderleën vu Blummen a Sonnerie aux Morts beim Monument op der Fräiheetsplaz bei der Schëfflenger Gemeng, vun der Gemeng, der lokaler Sektioun an dem Nationalcomité

**15 Auer Nationalkongress 2013**

- Begréissung durch d'Presidentin vun der Lokalsektioun
- Begréissung a Gedenkminutt durch de Nationalpresident Erny Lamborelle

*

**I. Assemblée générale vun der Federatioun**

- Eröffnung vun der Generalversammlung
- Aktivitéitsrapport vum Generalsekretär Michel Ury
- Finanzrapport vum Caissier Paul Hermes
- Rapport vun den Keessereviseuren
- Neibestëmmung vun den Keessereviseuren
- Resolutiounen:[1+2]
  - o Approbatioun vun neie Memberen am Nationalcomité[3]
- Décharge vum Comité fir 2013/2014
- Bestëmme vun der Uertschaft fir d'Organisatioun vum Kongress 2015 an 2016
- Fräi Ausprooch iwwer d'Enrôlés de force[4]

*

**II. Nationalkongress**

- Interventioun vum President Erny Lamborelle vun der FEDEF (Fédération des Enrôlés de Force)
- Interventiounen vun den Éiregäscht
- Schlusswuert vum Buergermeeschter Roland Schreiner

*

**III. Receptioun an Eierewäin**
**offréiert vun der Gemeng Schëffleng**

P.S.: Vu moiës 11.00 bis 12.00 Auer, a mëttes vun 14:00 bis 15:00 as och de Krichsmusée an der Gemeng op.

Fir déi Leit, déi zu Schëffleng wëlle Mëtteg maachen, hei e puer Adressen vu „Restaurant-Pizzeria" an engem Ëmkrees vun 100 Meter vun der Gemeng:

- Meat & Eat – 13-17, rue Basse, Schëffleng, Tel. 26 53 09 05
- Beim Stadthaus – 12, avenue de la Libération, Schëffleng, Tel. 54 54 57
- La Formica – 29, avenue de la Libération, Schëffleng, Tel. 53 25 45
- Chez Toni – 1, rue des Artisans, Schëffleng, Tel. 54 44 22

(onbedengt am viraus am jeweilege Restaurant reservéieren)

---

1 Waat Zuel vun ären Kongressdelegéierten betrëfft, verweise mir op d'Statuten, laut denen all Member-Sektioun an Member-Associatioun 2 Stëmmen fir déi eischt 50 aktiv Memberen ze gutt huet, an eng zousätzlech Stëmm pro Tranche vum 50 weideren aktiven Memberen, déi op dem éischten Januar an der jeweileger Sektioun ageschriwwen waren.

Sollten méi Delegéiert vun ärer Sektioun oder Associatioun kommen, sinn si selbstverständlech wëllkomm, hun awer keen Stëmmrecht.

2 Wann är Sektioun oder Associatioun wëlles huet, eng oder méi Motiounen ze presentéieren, mussen déi onbedengt bis den 12. Abrëll 2014 schrëftlech dem Comité national viirleien. Gëtt desen Delai verpasst, kënnen d'Motiounen nët op der Dagesuerdnung vum Kongress figuréieren a nët behandelt gin.

3 All Member-Sektioun oder Associatioun kann schrëftlech, spéitstens fir den Ufank vun der Assemblée générale, 2 Kandidaten fir d'Wahlen an de Nationalcomité proposéieren.

4 Interventiounen mat reng perséinlichem Charakter kënnen och nët während der Assemblée générale diskutéiert gin.

# Wëllkomm zu Schëffleng!



Als Buergermeeschter ass et mer eng besonnesch Freed an Éier, d'„Enrôlés des Force" um Kongress hei bei eis zu Schëffleng ze begréissen.

Als „commune martyre" ass de Lien tëscht der Gemeng an den „Enrôlés de Force" natierlech aussergewéinlech enk. Erlaabt mer kuerz op d'historesch Faiten anzegoen, di souwuel Schëffleng, wéi och di spéider Zwangsrekrutéiert fir ëmmer geprägt hunn.

Den 30. August 1942 hat de Gauleiter Simon matgedeelt, datt di Lëtzebuerger Jongen vun de Joërgäng 20-24 géifen an d'Wehrmacht agezu ginn. Genau wéi bei der legendärer „Personenbestandsaufnahme" vum 10.10.1941 wieren di meeschte Lëtzebuerger sech. An de fréie Mueresstonnen vum 31. August brécht zu Wolz an der Liéderfabrik IDEAL e spontane Streik aus. Des Noriicht breet sech ewéi e Laffeier duerch d'ganzt Land aus an d'Aarbechter vun Arbed Schëffleng decidéieren, fir um 18.00 Auer d'Aarbecht och nidder ze leeën.

Am Recul vun der Zäit ass et sécherlech wouer, datt de Generalstreik d'Zwangsrekrutéierung net verhënnert huet, mee et ass genau esou wouer, datt des heroësch Aktioun derzou gefouert huet, datt doduerch aner Joergäng verschount bliwwe sinn. E wuar also alles anescht ewéi ëmsoss.

Wat eis Jongen während dem Krich hu misste matmaachen ass sécher schwéier a Wierder ze faassen. No der verhaasster preisescher Uniform koum dono fir vill vun hinnen och nach russesch, englesch an amerikanesch Gefaangenschaft, iert et no villem Hin an Hier fir déi Iwwerliewend endlech erëm heem op Lëtzebuerg gaangen ass.

Mee och hei wuar et net einfach fir si, fir di richteg Unerkennung, fir dat wat si matgemaach hunn, ze kréien.

Zäitweileg hunn d'Enrôlés de Force sech esou guer selwer missten an di national Politik amëschen, fir dat néidegt Gehéier ze fannen.

Dëst ass menger Meenung no haut net méi néideg, mee der Politik an eis alleguerten muss et um Häerz léien, datt di Jongen vun deemools, di vill Misär a Leed hu missten erdroen, ni vergiess ginn.

Als Gemengeresponsabel si mär däser Aufgab sécherlech nokomm. Dat zentralt Monument virun der Gemeng Schëffleng erënnert d'Passanten all Dag drun, datt di Fräiheet an dee Fridden an deem mär haut däerfe liewen, vill Affer verlaangt hunn. Nieft dem Monument spillt eisen hauseegene „Musée de la Résistance" awer sécherlech och eng ganz wichteg Roll. Deene Responsabelen vum Musée well ech vun däser Plaz aus nach eng Kéier Merci soen fir hiren onermiddlechen Asaz.

Commémoratiounsdeeg, Monumenter a Muséeën sinn also Instrumenter fir sech engersäits ze erënneren an anersäits sinn si pedagogesch wäertvoll fir eiser jonker Generatioun virun Aen ze féieren, fir wat fir eng Gidder a Wäerter den Asatz sech lount. Si musse sech mat eiser nationaler Geschicht ausenanersetzen, well nëmme wien d'Geschicht kennt, kann d'Géigewaart verstoen an d'Zukunft uerdentlech plangen.

Fir ofzeschléissen wënschen ech allen Delegéierten vun den „Enrôlés de Force" aus dem ganze Land e schéinen Dag hei zu Schëffleng.

Roland Schreiner

*Buergermeeschter*

# Wëllkomm

D'Ligue Ons Jongen, aus där jo spéider d'Schëfflenger Sektioun vun den „Enrôlés de Force" gouf, freet sech, lech alleguer zu Schëffleng um Kongress ze begréissen.

Nodeemes iwwer Joëren zu Schëffleng eng ganz aktiv Sektioun geschafft huet, ass et an de leschte Méint e bësse méi roueg ginn. Déi gutt Stäipen hunn aus Altersgrënn oder krankheetsbedingt de Komitee verlooss.

Eng nei Equipe ass zënter zwee Joer um Wierk, geet et dach drëm, datt och an der Zukunft de Souvenir an d'Memoire vun deenen, déi d'Schicksal vun der Zwangsrekrutéierung erdroen hunn, e besonnesche Stellewäert behält.

Am Mëttelpunkt vun den Aktivitéite steet dofir och weiderhin, d'Schicksal vun der Zwangsrekrutéierung an der Deportéierung. Iwwer 300 Jongen vu Schëffleng sinn dëse Wee gaangen, 47 si gestuerwen, gefall oder dout gemeet ginn. Dofir läit der Sektioun besonnesch de Musée um Häerz. Et ass eng Plaz vun der Erënnerung, déi de jonke Generatioune weise soll, wat et heescht wann Diktatur, Intoleranz an Haass Iwwerhand kréien.

Eis Sektioun huet eng ganz Rei vun Aktivitéiten um Ordre du jour, e.a. d'Präsenz bei kommunale Festivitéiten, d'Veillée an d'Journée Commémorative um Kanounehiwwel, de Nationalkongress a vrun allem d'Partizipatioun u lokale Commémoratiounsfeieren.

Eis Amicale huet eng stabil a gesond Finanzsituatioun a kann no der Erneierung am Comité positiv no vir kucken.

Et ass net ëmmer einfach, awer dat wat geschitt ass, däerf ni vergiess ginn. Dofir wëlle mir eis asetzen an engagéieren. Hei zu Schëffleng, an iwwer d'Grenze vu Schëffléng eraus. Mir sinn de fréiere Generatiounen dat schëlleg. Vill, ze vill Jongen a Meedercher goufen fir hiert ganzt Liewe moralesch a kierperlech blesséiert. Honnerte goufen kalbliddeg ëmbruecht oder hunn hir Heemecht ni méi erëm gesinn.

Eise Bléck geet och no vir. Och wann d'Zäiten – op d'manst am europäesche Raum – op Fridden an Zesummeliewe stinn. Esou geet et jo och drëm, dorunner ze schaffen, datt ni méi a néierens de Fändel vun der Intoleranz a vun der Diktatur opgehaange ka ginn. Och no siwenzeg Joër Fridden an eisem Land, lount et sech dofir ze suergen, datt Brécke geschloen, Versteesdemech an Toleranz sech verbreeden.

Och dat ass eis Aufgab. Och dodru schaffe mir.

An dësem Sënn, léif Frënn a Frëndinnen, Häerzlech Wëllkomm zu Schëffleng.

Danielle Wenzel

*Presidentin vun der Sektioun Schëffleng*

# E Bléck op d'Amicale des Enrôlés de Force Schëffleng

### *E klenge Resumé virun der Grënnungsversammlung vun der Ligue „Ons Jongen"*

**10.5.1940:** D'Preisen hunn eist Land iwwerfall a besat.

**15.12.1941:** Déi éischt Lëtzebuerger Jonge vum Joërgang 1922 sinn an de RAD aberuff ginn.

**30.8.1942:** Proklamatioun vun der Zwangsrekrutéierung vun der Lëtzebuerger Jugend.

**30.8.1942:** D'Wehrpflicht ass agefouert ginn.

**31.8.1942:** Protestwell géint Zwangsrekrutéierung vu jonke Lëtzebuerger(innen) an déi däitsch Arméien.

**31.8.1942:** Generalstreik am Land

**31.8.1942:** Den Ausnamezoustand gett verhang an d'Standgericht agesat.

**18.10.1942:** Déi éischt Lëtzebuerger Jonge ginn agezunn.

**25.8.1944:** Paräis gëtt vun den Alliéierte befreit.

**10.9.1944:** Lëtzebuerg ass vun den amerikaneschen Truppe befreit ginn.

### *D'Grënnungsversammlung vun „Ons Jongen"*

**23.11.1944:** Am Haus „Jangen Haus" ware 45 Jonge präsent. Vill vun eise Jongen waren nach a Russland an de Gefaangenelageren oder a Spideeler, an der Belsch, a Frankräich oder soss bei den Alliéierten. Mir hunn den 1. Comité zesummegestallt; Präsident: Emile Wagner, Sekretär: Roger Brachmann, Secrétaire-adjoint: Edmond Welter, Caissier: Franz (Stipp) Wagner, Caissier adjoint: Jos Schon an d'Memberen Henri Steichen, J.P. Decker. Déi éischt Comitéssëtzungen hu mer bei Schons Jos an der Nideschgaass ofgehalen.

**15.1.1945:** Mir hunn eng Demande un d'Gemeng gemat fir e Bureau ze kréien. An dësem Bréif waren d'Nimm vun de Comitésmemberen, d'Stéckzuel vun de Memberen a d'Statute vum Comité central aus der Stad. Mir hunn um 1. Stack an der Union (Haus Eck Grousstrooss a Garerstrooss) ënnert dem Numm „Ligue Ons Jongen" e Bureau kritt. Mir waren esou laang do bis dass dat Haus verkaft ginn ass. Duerno hate mer eis Sëtzungen a verschiddene Caféen. Vu 1946 un waren eis zwee Comitésmembere Jos Schon a Jeng Bisdorff am Comité central an der Stadt aktiv. D'Reiefolleg vun eise Presidenten ass bis elo: 1944-1954 Emile Wagner, 1954-1970 Jos Schon, 1970-1994 Jeng Bisdorff, 1994-2011 Emile Wagner.

**1947:** Autocar gelount fir eng Demonstratioun an der Stad.

**1948:** Medailleverdeelung u Leit, déi Schëfflenger Jonge verstoppt haten. E grousse Merci.

**1949:** Éischt Fändelsaweiung.

**1962:** Numm geännert vu „Ligue Ons Jongen" op „Enrôlés de Force".

**1968:** Verdeele vun „Médailles de Reconnaissance" mat Diplom fir d'Leit, déi de Jonge gehollef hunn.

**11.2.1969:** Zweet Fändelaweihung.

**5.5.1985:** Congress National de la Fédération ass am Hall Polyvalent vun eis organiséiert ginn.

**10+11.6.1989:** Déi éischt Ausstellung am Hall Polyvalent. D'Gemeng hat der LPPD an eis véier Panneauen zur Verfügung gestallt.

**21.6.1990:** Aweiung vum Mémorial „Ons Jongen" an der rue Dominique Baum. Eng schéi Feier mam Minister Johny Lahure, mam Lieutenant Colonel Alzin a mat engem klengen Arméipeleton, mat den Deputéierten Nelly Stein an Astrid Lulling, dem Buergermeeschter Nic. Frisch, dem Nationalpräsident Jos Weyrich an der Mme Reef vun der LPPD, mat enger Clique vun der Harmonie Municipale vu Schëffleng an de Pompjeen och vu Schëffleng. Den Éierewäin ass am Sëtzungssall vun der Gemeng offréiert ginn. Als 1. Präsident vun „Ons Jongen" hat den Emile Wagner d'Éier, der Gemeng „Merci" ze soe fir dëse schéinen Dag.

### *50 Joer Amicale*

**1992:** Hu mir vun eiser Gemeng e Sall kritt fir e Musée ze amenagéieren, dëst zesumme mat der LPPD-Sektioun.

**31.8.1992:** De 50. Anniversaire de la Grève. Cortège mat der Präsenz vum Grand-Duc Jean.

**2.10.1992:** Hu mir zesumme mat der LPPD d'Ouverture vum Musée de la Résistance gefeiert.

**4.7.1993:** En Tréppeltour ass vun eiser Sektioun am Besch organiséiert ginn. 21 Equipen hunn drun deelgeholl. Deen Dag war och déi 1. Ouverture – also Porte ouverte vum Musée.

**8.7.1993:** Eng Delegatioun vun den E.d.F. war um Kierfecht bei der Aweiung vun enger Plaque zu Éiere vun dräi verschwonnene Kanner um Bierg derbäi.

**27.4.-25.11.1994:** Grouss a villl Aarbechte sinn am Musée gemaach ginn.

**22.6.1994:** Um Virowend vum Nationalfeierdag besichen de Grousssherzog Jean a d'Groussherzogin Joséphine-Charlotte Schéffleng. Eis deemoleg Buergermeeschtesch Nelly Stein huet d'Begréissung gemat an dunn eise ganze Comité dem Groussherzog virgestallt. Ronn 2.000 Leit haten un dëser Feier, mat engem léiwe Programm vun der Schëfflenger Jugend, deelgeholll.

**9.10.1994:** Commémoratiounsdag zu Schëffleng. Grousse Cortège bei de Steen „Mémorial Ons Jongen". Hei e puer Zuelen, déi gesot kënne ginn: 263 Schëfflenger Jonge sinn an d'Wehrmacht gezwonge ginn. 57 sinn an der Friemd gefall. 32 Famillje sinn ëmgesiedelt ginn, dat heescht 104 Persounen, Mammen, Pappen a Kanner. 4 sinn an der Deportatioun gestuerwen, 85 Männer a Fraë sinn am Krich fir d'Heemecht gestuerwen.

**24.2.1997:** Verloscht vun eisem Sekretär Pierre Meyer, kuerz drop eis Keesereviseuren Willy Geib a Raymond Beck.

## *Eng Plaz vun der Ërennerung*

**4.6.1997:** Presentatioun vun enger Maquette fir e Monument vun alle Victimes du Nazisme, gemaach vun eisem Sekretär Marcel Manternach.

**31.8.1998:** Scho gutt no engem Joër ass dat schéint Monument fir all Krichsaffer op der Fräiheetsplaz bei der Gemeng ënnert eiser deemoleger Buergermeeschtesch Nelly Stein ageweit ginn. D'Aseenung ass vum Professer Abbé Claus Camille, Comitésmember, virgeholl ginn.

**4.12.1998:** D'Maquette vum Monument ass un den Här de Muyser fir de Musée de la Déportation zu Hollerech iwwerreecht ginn, dest a Präsenz vun eiser Administration communale, de Comitésmemberen vun LPPD an E.d.F.

**4.2.2000:** Eise 55. Anniversaire hu mir am klenge Krees gefeiert, dat a Form vun enger Mass, Blummenéierleeung beim Denkmal an Éierewäin op der Gemeng.

**1.5.2000:** Eis Broschüre vum Musée ass virgestallt ginn.

## *De Musée iwwer de Krich*

**31.8.2000:** Bei der Feier vum Generalstreik 1942 hu mir offiziell d'Aweiung vum Musée gehat. Villes am Musée wor nei: Regelméisseg gett de Musée mat neiem Material aktualiséiert an erweidert. Och mat dem Verdeele vun de Broschüren ass ugefaang. Och hu mir deen Dag den originalen Taakeschlëssel der LPPD iwwerreecht. Den Hans Adam huet mat deem Schlëssel de Biir (d'Sirène) betätegt an den Ufank vum Streik ausgeléist.

**19.10.2000:** War eng russesch Gesandtschaft (Ambassadeur Oleg Krivonogow) op Besuch am Musée ënner der Féierung vum Här de Muyser.

**10.2.2001:** Ronn dräi Méint duerno hate mir eng Visite vun enger Nato-Delegatioun am Musée; iwwregens si regelméisseg Visiten, woubäi och vill Schoulklassen profitéieren. Et ass wichteg, de Souvenir un déi ze erhaalen, déi am Kriich d'Schicksal vun der Zwangsrekrutéierung oder der Deportéierung erliewt an erdroen hunn. Zefridde weist ee sech, datt nei Leit am Comité sinn, déi bereet sinn, d'Erënnerung héich ze haalen, well d'Erënnerung ass eent vun den héchste Gidder vun der Mënschheet.

**16+22.3.2002:** Zwee Deeg, déi eis nawell ellë wéigedoen hunn. Am Musée war agebrach ginn. Verschidde wäertvoll Austellungsstécker si geklaut ginn. Mir hunn der Buergermeeschtesch an der Police dat matgedeelt, an dat ganzt ass un de Parquet weidergeleet ginn.

**5.9.2002:** Huet eise Vize-Präsident Jean Schroeder eis fir ëmmer verlooss.

**28.3.2003:** As eise Comitésmember Jeanny Jaas gestuerwen.

**6.2.2004:** Hu mer de 60. Anniversaire gefeiert.

**6.7.2005:** Huet de Jeng Bisdorff (Präsident vu 1970-1994) eis verlooss.

**26.12.2008:** Huet de Gaasche Roger, Comitésmember, eis verlooss.

**28.1.2009:** Huet d'Yvonne Soisson-Schintgen, Keesereviseurin, eis och verlooss.

De Comité am **Joër 2010**: Präsident: Emile Wagner, Vizepresident: Paul Weimerskirch, Sekretär: Marcel Manternach, Sekretär adjoint: Camille Claus, Caissier: Nic Ecker, assistéiert vum Jos Schon an d'Memberen Odette Deckenbrunnen, Léa Gambucci, Josy Metz, Lucie Reiffers, Jean-Paul Schneider: responsabel fir d'Press, d'Arlette Lommel an d'Danielle Wenzel sinn am „Comité directeur pour le Souvenir de l'Enrôlement forcé." D'Keessereviseure sinn Lucien Dumont an Edmond Wagener.

• Wat allerdéngs d'Zukunft ugeet, esou stunge kuerz duerno gréisser Changementer un. De Präsident, de Sekretär an och den Trésorier hunn hier Mandater à disposition gestallt. Mataarbecht am Komitee Jo, awer Jonker sollen des Aarbechten iwwerhuelen, an iwwer dëse Wee dozou bäidroen, de Souvenir an d'Gedenken un déi, déi am Krich d'Schicksal vun der Zwangsrekrutéierung oder der Deportéierung erliewt an erdroen hunn, héich ze halen. Et geet ëm de Souvenir.

## *Eng nei Zäit*

**2010 bis haut am Joer 2014:** An der Folleg wor et ëmmer méi schwéier, de Comité an d'Aktivitéite vun der Amicale oprecht ze halen. Wichteg Stäipe woren de Präsident Emile Wagner, de Sekretär Marcel Manternach an den Trésorier Nic Ecker. Kleng Ausflich hu gesuergt, datt de Veräin zesummestung. Gedenkfeieren ewéi de Streikgedenkdag oder d'Commémoration nationale, awer och den Dag vun eiser Generalversammlung woren ëmmer nees wichteg Akten, fir d'Mémoire an

de Souvenir un déi schwéier Zäiten héich ze halen.

• Natierlech wor eis Amicale ëmmer präsent bei nationale Commémoratiounen oder Festivitéiten vun der nationaler Vereenegung. D'Veillée an d'Journée Commémorative um Kanounenhiwwel, d'Partizipatioun u lokale Commémoratiounsfeieren, d'LPPD-Generalversammlung an d'Oktavmass, d'Entrevueën an d'Visites guidées am Musée wore weider Héichpunkten.

Heimatter hu mir probéiert, lech déi marquanste Punkte vun deene leeschte Joëre Bestoën matzedeelen oder an Erënnerung ze ruffen.

### *2011/2012 Nei Statuten – neie Comité a neie Programm*

D'Amicale des Enrôlés de force Sektioun Schëffleng schafft weider a no der Erneierung probéiert de Comité positiv no virzekucken, esou d'Presidentin Danielle Wenzel, Duechter vun engem Zwangsrekrutéierten. Den erneierte Comité ass sech eens, datt dat, wat vun de Grënnungsleit an de fréiere Stäipen aus de Comité – notamment den Éierepresident Emile Wagner, den Éieresekretär Marcel Manternach an den Éierentrésorier Nic Ecker – opgebaut ginn ass, ni an den Eck gedréckt däerf ginn. Weider Memberen am Komitee sinn den Abbé Camille Claus, Odette Deckenbrunnen, de Kessier Frank Freyereisen, Léa Gambucci, d'Vizepräsidentin Arlette Lommel, Lucie Reiffers, Jos Schon a de Sekretär Paul Weimerskirch. Keesserevisore sinn Gerty Daufeld an Vic Steichen.

Paul Weimerskirch

*Sekretär vun der Sektioun Schëffleng*

# Resistenzmuseum in Schifflingen

Anlässlich des Jahrestages des vom Luxemburger Volk gegen die Nazi-Unterdrücker gerichteten Generalstreiks von 1942 werden seit Jahren Gedenk- und Erinnerungsfeiern in Schifflingen abgehalten. Dieser 31. August ist und bleibt für Schifflingen ein historischer Tag: Ein Tag der Erinnerung, ein Tag der Trauer und des Dankes, ein Tag, an dem die kleine Ortschaft die Luxemburger Geschichte auf beeindruckende Weise prägen sollte. Mit dem jährlichen Festakt gedenkt die Gemeinde Schifflingen mit Ehrfurcht all jener, die durch ihren unermüdlichen Einsatz und ihren mutigen Aktionismus, oft unter Lebensgefahr, dem Naziterror trotzten.

Pünktlich um 18.02 Uhr erschallen am 31. August die Orts- und Werkssirenen und die Kirchenglocken läuten. Nach einer Schweigeminute werden Blumen und Kränze niedergelegt. Dass der unmenschliche Zweite Weltkrieg und die Nazi-Okkupation viel Leid über Schifflingen brachte, wird ebenfalls im sehenswerten Resistenzmuseum, eingerichtet im Stadthaus, aufgezeigt: Unter der Leitung der Schifflinger LPPD-Sektion sowie der Enrôlés de Force werden hier die wichtigsten Etappen der Geschichte und Momente der Protestaktion der Schifflinger Hüttenarbeiter am 31. August 1942 dargestellt. 104 Schifflinger wurden in Gefängnisse und Konzentrationslager gebracht, 32 Familien wurden umgesiedelt. 298 Schifflinger Jungen wurden laut Zahlenmaterial aus dem Museum zwangsrekrutiert.

### *Was damals geschah!*

Zur Erinnerung: Nachdem Gauleiter Simon am 30. August 1942 anlässlich einer Massenkundgebung die Einführung der Wehrpflicht für Luxemburger Jahrgänge 1920 bis 1924 verkündet hatte, reagierten tags darauf die Arbeiter des Schifflinger Hüttenwerks mit einem Streik gegen diese Maßnahmen und gegen Hitler. Doch nicht nur im Minettestädtchen wurde auf die Proklamation reagiert. Die Streikaufforderung wurde von den Resistenzlern von Betrieb zu Betrieb weitergetragen.

Um 18.02 Uhr war es dann soweit. Walzenumbauer Hans Adam gab das Signal zum Streik, indem er einen schweren Hebeschlüssel an den Werkssirenen befestigte. 2000 Arbeiter der Schmelz verließen den Betrieb und legten die Arbeit nieder. Der Streik war nicht nur ein Zeichen des Widerstandes, sondern vor allem ein Dolchstoss in den Rücken der Wehrmacht. Die Reaktionen der Nazibonzen blieben nicht aus: Der zivile Ausstand wurde verhängt, ein Standgericht eingesetzt. Das Schicksal der Schifflinger „Jongen" nahm seinen Lauf.

### *Das Museum – ein Ort der Erinnerung und der Mahnung*

Im Museum geht es auch darum, den mutigen Streikaufruf von Eugène Biren, die historische Tat von Hans Adam, den Leidensweg von Mathias Koener und die wegen ihrer spontanen Arbeitsniederlegung von den Nazischergen mit Wut und Bosheit gejagten, verfolgten, verschleppten und getöteten Hüttenarbeiter in Erinnerung zu rufen. Die Mehrzahl von ihnen mussten körperliche und schwere seelische Torturen verkraften und erleiden, bevor sie auf bestialische Weise ermordet wurden. Andere wurden in Straf- und Konzentrationslager verschleppt. Zwangsarbeiten mussten verrichtet werden. Dennoch wurde die Resistenz weitergeführt, es gab nach wie vor offenen und stillen Widerstand. „Den Doudegen zum Gedenken, deene Liewegen zur Mahnung", mit diesen Worten umschrieben die Verantwortlichen aus den Schifflinger Lokalsektionen von „Enrôlés de Force" und LPPD gerne die Philosophie des Resistenzmuseums.

Im Museum sind etwa 50 Tafeln, Vitrinen und Tische aufgestellt. Die Bildermaterialien zeigen u.a. das schreckliche Leben in den Konzentrationslagern, die Leidenswege der „Schëfflenger Jongen a Meedercher" vom Abtransport bis in die Arbeitslager und Konzentrationslager, die Listen der Zwangsrekrutierten und der zum Tode Verurteilten, die Namen der Familien, die während der Kriegszeit unter schwierigsten Bedingungen Wehrdienstverweigerer versteckten, die offiziellen Plakate der Standgerichte, diverse Szenen von der Front, diverse Aspekte betreffend die

Umsiedlung, viele offizielle Kriegsdokumente und -bücher, Photomaterialen der inhaftierten Personen sowie das Lagerleben und die damit verbundenen Leiden. Doch nicht nur der lange Leidensweg wird in Bild und Text präsentiert, auch die Momente der Befreiung kommen zur Geltung.

Viele Zeitungsausschnitte, Landkarten und andere Dokumente sowie Briefe und offizielle Schriftverkehre vervollständigen die Ausstellung. Eine Briefmarkensammlung gilt ebenfalls als wertvolle Bereicherung. Auch verschiedene Kriegsmaterialien sind zu betrachten.

Viel Schicksal wurde erlebt, viel Schicksal hat in den Tod geführt. Das Resistenzmuseum in Schifflingen ist ein Ort der Erinnerung und der Mahnung. Das Resistenzmuseum, eingerichtet im dritten Stockwerk des Gemeindehauses, ist während der Bürostunden geöffnet. Die Verantwortlichen aus LPPD und „Enrôlés de Force" stehen für Führungen gerne zur Verfügung.

Paul Weimerskirch

***Die nachfolgenden Gedichte bilden den Abschluss der handschriftlich überlieferten Memoiren von Jos. BAUSCH, früherer „Tambower", geboren am 19. März 1922 in Junglinster und gestorben am 21. Mai 2009 in Niederanven, die wir in den 12 vorhergehenden Nummern abgedruckt haben.***

***Nochmals herzlichen Dank an die Familie dieses Zeitzeugen, die es möglich gemacht hat, der Nachwelt diesen lebendigen und erschütternden Bericht zugänglich zu machen.***

## D'Lëtzebuerger Mamm

De Koffer ass gepaakt, den Zug steet bereet,
An dobei é Jong … hien huet d'Hierz voll Leed,
seng Mamm am Arem
déi Fra déi arem,
mat Tréinen an de Aen erkennt si haut,
wat den Herrgott hier an d'Hierz en Haus voll Suerge baut.
Mäi Jong, seet si, du geess lo fort an d'Welt,
du bass ee Liewen, ee jonkt, een hellt.
Du haas eng Mamm, déi iwwer dir gewaacht,
wanns du emol Onrecht haas gemacht,
déi sech mat dir gefreet,
wanns du Gléck hir haas gemeet.
Am Stëllen haat si Baangen,
wéi's du fir d'éischt an d'Schoul bass gaangen.
Hir Angscht déi gouf méi grouss,
wéi's du däi Kandtum hues verstouss.
Dach wat kann se machen,
wann haut d'Kanounen kraachen?
De Preiss huet och lo dech erfaast,
och hien huet mein Haass, mein Haass!
Och du muss zéien an de Krich
fir eng Saach déi eis alle vernicht.
Du solls lo Plo a Méi erleiden …
dach all Onrecht muss du meiden.
Vergiessen duerfs du ni däi Land,
wou's du deng Freiheet hues gekannt.
Eng goldeg Sonn, déi soll dir liichten,
wann no dir mol Russen biichten.
E Mammenhierz dat schléit fir dech,
wann's du verloosse leis am donkle Bösch.
Vergiess och ni däi gudde Papp,
deen oft fir dech zerbrach de Kapp.
Op kurz, op laang, wa mir eis rëmgesin,
mir an eng nei a besser Zukunft gin.
Da muss sech schléissen e staarkt an hellegt Band,
ëm all Lëtzebuerger Kand.

## De Lëtzebuerger Jong

Wou d'Sauer mat der Mousel sech begéint,
do hun ech mech nach emol ëmgedréint.
Wou d'Rief an d'Lucht sech rénkt,
do hun ech dir fir d'lescht gewénkt.
Op dengem Buedem huet mein Hierz scho lang geschloen,
dach haut huet den Zuch mech fortgedroen.
Vu menger Heemecht hun ech näischt méi wéi een Draam,
mein Daach as haut een héigen kaale Baam.
Wéi oft schon huet den Dout no mir gegraff,
dach ömmer huet eng helleg Hand, eng straff
mech rausgerappt am gréisste Leed,
a mech bewart vum Wee an d'Éiwegkeet.
Nach ni hun ech gefillt wéi haut
wat hirem Kand eng Mamm an d'Hierz gebaut.
E jonge Glaw, sou stark, sou reng,
dee sprenge net mol preisesch Sträng.
Déi Mamm hues du mir gin, mäi Land,
wéi ech gouf e winzegt Lëtzebuerger Kand.
Du hues si Joër a Joër fir mech erhalen,
och elo wou Krich a Mord zesummen pralen.
E Papp hues du mir gin,
deen all meng Suergen huet gesin,
dee mech geléiert goen
a meng Fräiheet och verstoen.
Dach schon so munnech Mammenhierz ass haut gebrach,
well hire Jong eng Kugel huet getraff …
A wann an dausend Geforen och ech lo stin,
mach du mäi Land, datt ech meng Elteren rëmgesin.
Well wann de roude Léiw mol ëm sech beist,
an am Land de preisesche Bann zerreist,
da muss ech an denge jonge Reihe stoen,
a mech mat allen fir deng Fräiheet schloen.

# Die Führerhauptquartiere

**von André Heiderscheid**




Es ist gewiss nicht uninteressant, hier einmal einen Blick auf die sich folgenden „Führerhauptquartiere" zu werfen, in denen Hitler sich während der Kriegsdauer aufgehalten hat.[1] Tun wir es also!

Der Zweite Weltkrieg begann bekanntlich mit Deutschlands Überfall auf Polen. Das geschah am Freitag, dem 1. September 1939.

Damals, während des Polenfeldzugs, befand Hitlers Hauptquartier sich in einem so genannten „Führersonderzug" (Eisenbahn). Jener Zug trug anfänglich den Decknamen „Amerika". Später – er wurde nicht verschrottet, ab dem 1. Februar 1943 nannte man ihn „Brandenburg".

Kommandant des „Führerhauptquartiers" war anfänglich der Hitler-Vertraute Generalmajor Erwin Rommel!

Aus Berlin kam Hitlers auf Gleisen fahrendes Hauptquartier am 4. September 1939 in Bad Pelzin an, wo es am Bahnhof Halt machte, bevor es am 5. September Richtung Südosten fuhr und für vier Tage in Groß-Born stehen blieb. Am 9. September fuhr der Führerzug bis Oppeln (Südschlesien), am 18. September hielt er unweit Danzig. Am 26. September 1939 trat er die Rückreise nach Berlin an, und Hitler ließ sich dann in der Reichskanzlei nieder.

„Vor dem deutschen Angriff im Westen wurde das Führerhauptquartier ‚Felsennest' eigens hergerichtet. Hitler hielt sich dort vom 10. Mai bis zum 5. Juni auf. Das Quartier befand sich in der rückwärtigen Zone des Westwalls bei Münstereifel und war nur 45 Kilometer von der belgischen Grenze entfernt." (So zu lesen in unserem Referenzwerk, S. 65)

Vom 6. bis 26. Juni 1940, d. h. während des Feldzuges gegen Frankreich, zog Hitler mit seinem Gefolge in das kleine belgische Dorf Bruly de Pêche, an der belgisch-französischen Grenze, wo ab dem 19. Mai alle Dorfbewohner ausgesiedelt worden waren.

Zuerst erhielt das dortige Quartier den Decknamen „Waldwiese". Dann taufte Hitler es um in „Wolfsschlucht".

Im Schulhaus des Dorfes befand sich der Kartenraum. Im Kirchengebäude waren Kasino und Kinosaal untergebracht …

Am 22. Juni 1940 wurde der Waffenstillstand zwischen Frankreich und Deutschland unterzeichnet. Am 25. Juni trat die Waffenruhe in Kraft.

Am 27. Juni wurde das Führerhauptquartier „in den nördlichen Teil des Schwarzwaldes" verlegt. Es erhielt den Namen „Tannenberg". Hitler weilte dort vom 28. Juni bis zum 5. Juli 1940.

Während der deutschen Kämpfe in Jugoslawien kam der Sonderzug, der damals noch „Amerika" hieß, wieder zu Ehren. Er stand mit seiner „Ladung" auf dem Anschlussgleis in Mönichkirchen, und zwar „an der Einfahrt des (dortigen) Gebirgstunnels", um gegen Luftangriffe gesichert zu sein. – Mönichkirchen liegt ca. 35 Kilometer südlich von Wiener Neustadt, in Österreich, das damals bekanntlich in „Ostmark" umgetauft worden war.

Am 20. April 1941 feierte Hitler in diesem Bahn-Quartier, das er „Frühlingssturm" nannte, seinen 52. Geburtstag.

Nicht später als am 18. Dezember 1940 hatte der „Führer" die Weisung „Barbarossa" zum Angriff auf die

1 Cf. Jan Zduniak: „Reiseführer Wolfsschanze und Hitlers andere Kriegshauptquartiere", Kengraf, Wydawnictwo/Verlag, PL-11-400 Ketrzyn, Polen, ul. Budowlana 3.

Sowjetunion unterfertigt … Gleichzeitig sollte „in der Nähe der Grenze mit Russland" ein eigenes „Führerhauptquartier" errichtet werden, von wo aus das Geschehen an der Ostfront befehligt werden könnte.

Hitler selber entschied sich in dieser Frage für Ostpreußen. „Eine Gruppe von Stabsoffizieren und Bausachverständigen" wählte und bestimmte dann den Rastenburger Stadtwald „Görlitz". Hitler wiederum nannte die riesige Anlage „Wolfsschanze" (Deckname), und zwar in Anlehnung an sein eigenes Pseudonym aus den 20er Jahren: „Herr Wolf".

Der Bau der „Wolfsschanze" begann im Spätherbst 1940. Bis zur Fertigstellung des Geplanten sind angeblich über 20.000 Arbeiter dort im Einsatz gewesen! – Die „Wolfsschanze" war, Augenzeugen zufolge, etwas wie eine kleine Stadt mit über 80 Gebäuden; sie besaß acht der schwersten Luftschutzbunker mit 5-8 m dicken Betonwänden … Auch gab es innerhalb ihrer Grenzen gleich zwei Flugplätze.

Im Bering der „Wolfsschanze" hielten sich normalerweise insgesamt über 2.100 Offiziere, Soldaten und Zivilpersonen auf.

Der ganze Bereich war durch 100 bis 150 m breite Minenfelder von im Total 10 km Gesamtlänge mit über 54.000 Minen gesichert. Erst 1955, zehn Jahre nach Kriegsende, war die Beseitigung all jener Minen geschafft.

Am 22. Juni 1941 begann Hitler seinen Feldzug gegen Sowjetrussland. Am 24. Juni zog er in die „Wolfsschanze" ein. Alles in allem hat er dort 850 Tage verbracht.

Bis Ende 1944 führte Hitler dann abwechselnd von der „Wolfsschanze" und vom Berghof in Berchtesgaden aus. Während kürzerer Zwischenaufenthalte in Berlin und München wurde der Zug des WF-Stabs auf Bahnhöfen abgestellt. Als im Juli 1944 Ostpreußen unter dem Eindruck der bereits an die Ostgrenze der Provinz vorgestoßenen Roten Armee in Erregung geriet und die Tendenz, zu fliehen, um sich griff, kehrte Hitler noch einmal in die „Wolfsschanze" zurück, da er erwartete, dieses Faktum werde sich herumsprechen und sich beruhigend auswirken. Wenige Zeit nach der Ankunft erfolgte das Attentat des Obersten i. G. Graf Stauffenberg (20. Juli).

Eine erste Gelegenheit zur Beseitigung Hitlers durch Bombenexplosion in der Lagebaracke der „Wolfsschanze" hatte sich von Stauffenberg bereits am 15. Juli 1944 geboten. Doch die Besprechung jenes Tages mit Hitler war sehr kurz, so dass keine Zeit blieb, den Bombenzünder herzurichten.

Am 20. Juli 1944 war dann Oberst von Stauffenberg, Chef des Stabes des Ersatzheeres, erneut in der „Wolfsschanze", und zwar wiederum in der Lagebaracke, nicht im eigentlichen Führerbunker.




Kurz nach 12.30 Uhr trat er in der Baracke ein, wo die Besprechung bereits begonnen hatte. Er wurde von Keitel empfangen, der ihn Hitler vorstellte. Er erhielt – wie von ihm gewünscht – einen Platz im Bereich des Kartentisches, möglichst nahe beim „Führer"; nur zwei Offiziere trennten ihn von der rechten Seite Hitlers.

Es gelang von Stauffenberg, seine Aktentasche mit der Zeitzünderbombe unter dem Kartentisch (5 x 10 m) in Stellung zu bringen und – er sagte Keitel, er müsse noch schnell telefonieren – dann möglichst schnell zu verschwinden.

Das klappte. Als er draußen zu seinem Adjutanten und Mitverschwörer Oberleutnant Werner von Haeften kam, der im engen Sperrbereich mit einem Wagen auf ihn wartete, explodierte die Bombe in der Lagebaracke.

Die Sprengkraft war gewaltig. Eine überdimensionale Rauchwolke stieg aus der Baracke hoch. Stauffenberg war sicher, dass Hitler tot sein musste.

Trotz des sofort ausgelösten Alarms kam Stauffenberg mit Haeften heil am Flughafen an. Um 13.15 Uhr startete das Flugzeug mit beiden an Bord Richtung Berlin.

Zduniak, unser Gewährsmann, schreibt (S. 50): „Als die Bombe in der Lagebaracke explodierte, befanden sich dort 24 Personen. Die Explosionskraft warf alle auf die Erde. Das ganze Innere der Baracke wurde zerstört. Vier Personen wurden tödlich verletzt. Der Stenograph Dr. Berger starb noch am selben Tag; Oberst Brandt und General Korten – zwei Tage später, und Generalleutnant Schmundt – am 1. Oktober 1944. Die übrigen Anwesenden erlitten geringere oder größere Verletzungen."

Zu Hitler vermerkt unser Autor: „Hitler hatte am rechten Ellenbogen einen Bluterguss und Hautabschürfungen an der linken Hand. Sein Gehör war beschädigt, seine Trommelfelle geplatzt. Seine neuen Hosen waren nur noch Fetzen, die Haare gesengt. Alle Verletzungen erwiesen sich jedoch als leichte, er

fühlte sich gut. Der massive, solide Sockel, hinter dem die Bombe war, und die dicke Tischplatte aus Eichenholz hatten Hitler etwas geschützt. Große Bedeutung hatte auch die Tatsache, daß die Besprechung in der leichten Baracke stattfand, wo die Druckwelle durch die Fenster entweichen konnte."

Um 23 Uhr war der Putsch – in Berlin – endgültig gescheitert.

Etwas nach Mitternacht wurden Stauffenberg, Haeften und andere Verschwörer in Berlin standrechtlich erschossen.

Um 1 Uhr in der Nacht vom 20. zum 21. Juli wandte sich Hitler in einer kurzen Ansprache an das deutsche Volk. Er sagte u.a.: „Eine ganz kleine Clique ehrgeiziger, gewissenloser und zugleich verbrecherischer, dummer Offiziere hat ein Komplott geschmiedet, um mich zu beseitigen und zugleich mit mir den Stab praktisch der deutschen Wehrmachtführung auszurotten. Die Bombe, die von dem Oberst Graf von Stauffenberg gelegt wurde, krepierte zwei Meter an meiner rechten Seite ... Ich selbst bin völlig unverletzt bis auf ganz kleine Hauptabschürfungen, Prellungen oder Verbrennungen. Ich fasse es als eine Bestätigung des Auftrages der Vorsehung auf, mein Lebensziel weiter zu verfolgen, so wie ich es bisher getan habe."

Himmler setzte in der Gestapo sofort eine Sonderkommission „20. Juli" ein. Sie „arbeitete" bis zum Tode Hitlers am 30. April 1945.

Ab August 1944 kam der 20. Juli vor den Volksgerichtshof (Roland Freisler!). Die dort verhängten Urteile wurden sofort nach der Verkündigung vollstreckt. Das dauerte bis Ende April 1945. Es wurden ca. 150 Personen hingerichtet. Die Offiziere wurden in Plötzensee mit Klaviersaiten an Fleischerhaken aufgehängt! – Hitler selbst hatte die Order gegeben: „Ich will, daß sie erhängt werden, aufgehängt wie Schlachtvieh."

Janusz Piekalkiewiez (Autor eines umfassenden Werkes über den Zweiten Weltkrieg) schreibt: „Fast alle der unmittelbaren Teilnehmer der Verschwörung, rund 200 Personen, werden hingerichtet; außerdem zählt man im Offizierskorps etwa 700 Opfer des misslungenen Staatsstreichs. Insgesamt fordert das Misslingen des Attentats vom 20. Juli 1944 mehr als 5.000 Oper aus allen Bevölkerungskreisen."

Ungefähr ein halbes Jahr nach Stauffenbergs Attentat wurde die Lagebaracke des 20. Juli 1944 (nach außen hin war sie noch in „gutem Zustand") von deutschen Pionieren gesprengt.

Am 20. Juli 1992 – 48 Jahre nach dem Attentat – wurde auf den Ruinen der Baracke eine Gedenktafel in Form eines aufgeschlagenen Buches enthüllt, auf der in deutscher und polnischer Sprache zu lesen steht:

„Hier stand die Baracke, in der am 20. Juli 1944 Claus Schenk Graf von Stauffenberg ein Attentat auf Adolf Hitler unternahm. Er und viele andere, die sich gegen die nationalsozialistische Diktatur erhoben hatten, bezahlten mit ihrem Leben."

Die „Wolfsschanze" hat Alfred Jodl 1946 vor dem Internationalen Militärgerichtshof in Nürnberg so charakterisiert: „Das Führerhauptquartier war eine Mischung zwischen einem Kloster und einem Konzentrationslager. Es war von zahlreichen Drahtzäunen und Stacheldrähten umgeben, durch weit abgesetzte Außenposten an den Zufahrtsstraßen abgesichert. In der Mitte lag der sogenannte Sperrkreis I. Dauerausweise, um diesen Sperrkreis zu betreten, hatte nicht einmal mein Stab, sondern nur der General Warlimont. Jeder Posten musste jeden Offizier kontrollieren, den er nicht kannte. In dieses Allerheiligste drang von der Außenwelt, außer den Lageberichten, nur sehr wenig." (cf. KTB des Oberkommandos der Wehrmacht (Bernhard u. Graefe Verlag GmbH u. Co. KG, Bonn, Bd. 8, Seite 1753.)



*Gedenktafel für Oberst Claus Schenk Graf von Stauffenberg*

Am Tage der Enthüllung der Gedenkplatte waren Franz, Heimeran und Berthold, drei Söhne Stauffenbergs, eigens zur „Wolfsschanze" gekommen.

Definitiv verlassen hat Hitler seinerzeit sein Hauptquartier in Ostpreußen am 20. November 1944. Er kehrte nie wieder dorthin zurück.

„Am 24. Januar 1945 sprengten deutsche Pioniere alle Objekte in der Wolfsschanze in die Luft." – Drei Tage später, am 27. Januar 1945, waren die ersten Einheiten der Roten Armee vor Ort.

Praktisch ein ganzes Jahr lang (1941/42) hatte die „Wolfsschanze" Hitler zu Anfang des Ost-Feldzuges als Führerhauptquartier gedient.

Dem fügte der Herausgeber der KTB-Bücher, P.E. Schramm, aus eigenem Erleben hinzu:

„Ich bestätige diese Angaben und füge hinzu, daß zu dem Stacheldraht noch mannshohe Palisaden aus Baumstämmen und Erde kamen, da der feuchte Boden die Anlage von Gräben nicht zuließ. Die Bauten im Sperrkreis II, in dem wir untergebracht waren, nahmen mit der Zeit zu; aber es wurde dafür gesorgt, daß dies im Luftbild nicht heraustrat. Bis zum Sperrkreis I war es ja nicht weit. An dessen Eingang stand jedoch ein Wachhaus mit SS-Besatzung, die zunächst bei der Stelle anrief, die man aufsuchen wollte, einen dann in ein Meldebuch eintrug und

darauf achtete, daß jeder Besucher sich auch wieder zurückmeldete. Innerhalb des Sperrkreises I war dann nochmal abgeriegelt der Sperrkreis A, in dem Hitler mit den Allergetreuesten hauste; er war abermals gesichert, und in ihn bin ich daher nie vorgedrungen. Dagegen habe ich die beim Eintritt in den Sperrkreis I erforderliche Prozedur oft genug erlebt, die sich auch dann wiederholte, wenn der Wachhabende mich noch vom Vortag her genau in Erinnerung hatte.

Um besser in die Leitung der Operationen eingreifen zu können, wurde das Führerhauptquartier am 16. Juli 1942 nach Winniza (Ukraine) verlegt. Es war untergebracht in einem kleinen dreieckigen Wäldchen, 15 km nordöstlich des Ortes an der großen Straße nach Schitomir. Hitler mit seiner nächsten Umgebung und die Feldstaffel des Wehrmachtführungsstabes waren dort in Blockhäusern und transportablen Baracken untergebracht. Das Lager führte den Decknamen „Werwolf". Das Hauptquartier des Oberkommandos des Heeres befand sich seit dem 16. Juli in Winniza selbst."

Das eigentliche Führerhauptquartier belegte den Ort Mala Michalowska, 15 km nordöstlich von Winniza. Sein Deckname „Werwolf" stammte einmal mehr von Hitler höchstpersönlich … Zweimal hielt er sich dort, in der Ukraine, länger auf, das erste Mal vom 16. Juli bis zum 30. Oktober 1942, dann noch einmal vom 17. Februar bis zum 13. März 1943.

In Bezug auf jenen zweiten Aufenthalt bei Winniza lässt P.E. Schramm uns wissen:

„Am 17. Februar 1943 flog Hitler mit den Generalen Jodl und Zeitzler nach Saporoshe, um von dort aus die Operationen im Südteil der Ostfront zu leiten. Da dieser Ort jedoch bereits vom Gegner bedroht wurde, bezog er noch einmal das bereits 1942 benutzte „Werwolf"-Quartier bei Winniza. Am 13. März traf er wieder in der „Wolfsschanze" ein, nachdem er den Rückflug unterbrochen hatte, um mit den Kommandeuren der Heeresgruppe Mitte zu sprechen – es sei an die nach der Kapitulation bekanntgewordene Tatsache erinnert, daß die in das Flugzeug gelegte Bombe wider Erwarten nicht explodierte."

Vom 22. März bis zum 29. Juni 1943 galt Hitlers „Berghof" auf dem Obersalzberg in den Bayerischen Alpen, nordöstlich von Berchtesgaden, als Führerhauptquartier – mit Unterbrechungen. Zur selben „Ehre" kam der Berghof von März bis zum 14. Juli 1944.

Die riesige Anlage auf dem Obersalzberg wurde am 25. April 1945, um 9.30 Uhr, durch britische Lancasterbomber mit 500-kg-Bomben (!) weithin zerstört. Die Überreste sind nach Kriegsende, am 30. April 1952, durch die bayrische Regierung vernichtet, resp. zugemauert worden, um allfällige spätere „Wallfahrten" Unbelehrbarer auszuschließen.

Vom Obersalzberg, wo er sich damals aufhielt, kam Hitler am 17. Juni 1944, also kurz nach der Landung der Westalliierten in der Normandie, zu einem von ihm selbst bestimmten Hauptquartier in Frankreich, von dem aus er das dortige Kampfgeschehen befehligen wollte. Es lag bei Margival, 15 km nordöstlich von Soissons, war für Millionen D-Mark von Albert Speer in den Jahren 1943/44 hergerichtet worden und trug den Namen „Wolfsschlucht 2".

Hitler kam am 17. Juni 1944 dorthin – vom Obersalzberg bis Metz per Flugzeug, dann in einer extrem gesicherten Kraftwagenkolonne bis nach Margival –, um sich mit Rommel und Gerd von Rundstedt zu treffen.

Rundstedt beendete damals seine Darlegungen zur Lage in Frankreich mit der Feststellung, Deutschland sei mit den ihm zur Verfügung stehenden Kräften nicht imstande, die Alliierten zu verdrängen.

Rommel, der sich daselbst mit Hitler unter vier Augen traf, versuchte vergebens, diesen davon zu überzeugen, dass der Krieg verloren sei …

Gleich danach verließ Hitler die „Wolfsschlucht 2", u.a. auch deshalb, weil ein verirrtes V1-Geschoss unweit seines Bunkers niedergegangen war!

Am 20. November 1944 wurde das FHQu nach Berlin verlegt. Denn inzwischen war nicht nur die „Wolfsschanze" bedroht, sondern auch die Vorbereitung der Ardennen-Offensive so weit vorgeschritten, daß Hitler der Westfront näher sein wollte (außerdem spielte noch mit, daß er sich zum zweiten Mal einer leichten Operation am Stimmband unterzog, die abermals zu dem Ergebnis führte, dass es sich um harmlose Knötchen und nicht um Krebs handelte).

Schon 1939, noch vor Beginn des Krieges, hatte Hitler durch Albert Speer in Westdeutschland ein Führerhauptquartier herrichten lassen, und zwar im alten Schloss „Ziegenberg", westlich von Bad Nauheim (Taunus). – Dann aber kam er doch nie hierher, weil das Geschaffene angeblich zu aufwändig war und er diesbezüglich unangenehme Kritik befürchtete.

Dennoch kam der „Ziegenberg" zu Ehren – aber Jahre später! Noch vor Beginn der Ardennen-Offensive (16. Dezember 1944) zog Hitler selbst in den Raum von Nauheim. Doch wählte er für sich einen Sitz im 2 km vom „Ziegenberg" entfernt neu geschaffenen „Adlerhorst", wo er vom 10. Dezember 1944 bis zum 15. Januar 1945 verblieb. Ins Schloss „Ziegenberg" selbst aber wurde damals der „Chef" der Ardennenoffensive, Gerd von Rundstedt, eingewiesen!

Am 1. Januar 1945 überbrachten die höchsten Offiziere der Wehrmacht Hitler im „Adlerhorst" ihre Neujahrswünsche, darunter den Endsieg-Wunsch, an den sie selber nicht mehr glaubten!

Am 12. Januar 1945 kreuzte Göring im „Adlerhorst" auf, wo Hitler ihm zum am selben Tag fälligen Geburtstag (*12. Januar 1893 in Rosenheim) gratulierte. Gleichzeitig kritisierte er Görings Luftwaffe dafür, dass ihr Einsatz vom 1. Januar 1945 nicht den erhofften Erfolg aufzuweisen hatte.

Nach dem Fehlschlag der Ardennen-Offensive kehrte Hitler am 16. Januar 1945 aus dem „Adlerhorst" nach Berlin zurück – bis zum 30. April 1945!

Vom 21. November bis zum 9. Dezember 1944, sodann vom 16. Januar bis zum Tag seines Selbstmords, am 30. April 1945, war zunächst die Reichskanzlei selbst, danach der Bunker unter der Berliner Reichskanzlei Hitlers letzter Befehlsstand im Zweiten Weltkrieg.

# Agenda

***26. Abrëll 2014*** Nationalkongress vun der Federatioun vun den Zwangsrekrutéierten zu Schëffleng

***15. Mee 2014*** Oktavmass vun den Zwangsrekrutéierten

***7. September 2014*** Journée commémorative vun den Zwangsrekrutéierten

***8. November 2014*** Tambower Dag

# Sommaire


Invitatioun a Programm vum 53. Nationalkongress vun den Zwangsrekrutéierten ..... 2

Wëllkomm zu Schëffleng! ..... 3

Wëllkomm ..... 3

E Bléck op d'Amicale des Enrôlés de Force Schëffleng ..... 4

Resistenzmuseum in Schifflingen ..... 6

Gedichte zum Abschluss der Memoiren von Jos. BAUSCH ..... 7

Die Führerhauptquartiere ..... 8


Redaktiounsschluss fir déi nächst Nummer ass den 15. Juli 2014


**Comité Directeur pour le Souvenir de l'Enrôlement Forcé**
3A, rue de la Déportation, L-1415 Luxembourg
Tél. 247-88189, fax 24 87 30 53, e-mail secretaire@cdsef.etat.lu

**Fédération des Enrôlés de Force,** Association sans but lucratif
**c/o Michel Ury**, secrétaire général, B.P. 22, L-9901 Troisvierges
Tél. 691 24 16 20, fax 26 90 80 51 – email: mich@ury.lu
**CCPL: IBAN LU78 1111 0313 2995 0000**

**Rédaction du bulletin «Les Sacrifiés»: c/o François Jacques**
1A, rue de Kirchberg, L-1858 Luxembourg, tél. (691) 48 06 76

**Distribution du bulletin «Les Sacrifiés»: c/o Chantal Gansen**
2B, rue des Champs, L-8285 Kehlen, tél. 26 10 26 51

**Service social aux Enrôlés de Force: c/o Erny Lamborelle**
8, op der Tomm, L-9760 Lellingen, tél. 92 02 38

**Amicale des Anciens de Tambow**
**c/o Léon Weis**, secrétaire, 14, rue du X Octobre, L-7243 Bereldange, tél. 33 86 35
**CCPL: IBAN LU75 1111 0240 0748 0000**

**Impression:** CTIE – Division Imprimés et Fournitures de bureau